N° 8253
Entrée le 23.08.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 23.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.**

An engem Tageblatt-Artikel vum 22ten August steet ze liesen, dass d'Politik nach ëmmer haaptsächlech Männersaach wier a Fraen a Gemengen- oder Schäfferéit ënnerrepresentéiert sinn. Am Artikel gëtt och d'Beispill vu Miersch ugefouert, wou just eng eenzeg Fra an de Gemengerot gewielt gouf obwuel 42 Prozent vun de Kandidaten, déi sech fir d'Gemengewalen opgestallt haten, Frae waren. Miersch ass awer net déi eenzeg Gemeng wou manner Fraen am Gemengerot vertruede sinn an et stellt sech d'Fro, ob et och reng männlech Gemengen- oder Schäfferéit hei am Land gëtt.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Fro stellen:

1. Wéi vill reng männlech Schäfferéit ginn aktuell hei am Land an ëm wéi eng Gemengen handelt et sech dobäi?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten